PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'Schnelltester, déi zu Lëtzebuerg zougelooss sinn, si vum LNS iwwerpréift ginn. An Däitschland ginn se vum Bundesinstitut für Arzneimittel und Medezinprodukte (DfArM) iwwerpréift. Wann een sech d'Lëschte vun deenen zwee Instituter ukuckt, da gesäit een Ënnerscheeder, z. B. gëtt et ee Schnelltest vun enger Pekinger Firma, deen zu Lëtzebuerg zougelooss ass, an Däitschland awer net. Dësen "Nasenbohrer"-Schnelltest ass an Däitschland just fir medezinescht Personal zougelooss, well e laut DfArM net als "Laientest" gëeegent wär.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Beréit d'Santé sech mat hiren Däitschen Homologen, wat d'Analysen an d'Effikassitéit vun de Schnelltest ugeet?

2. Ass d'Santé iwwert d'Grënn informéiert, firwat dësen Test an Däitschland net als "Laientest" zougelooss ass?

3. Firwat gouf den "Nasenbohrer" Test zu Lëtzebuerg fir de Public zougelooss?
   Firwat gouf den Test vun der selweschter Firma, gennant "NASOCHECKcomfort", deen an Däitschland fir jiddereen erlaabt ass, zu Lëtzebuerg nach net erlaabt?

4. Wéi vill Schnelltester vun dësem Typ "Nasenbohrer" goufe vum Staat kaaft? Wou goufen dës Tester bis elo agesat (opgelëscht no Unzuel)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député